



Här President

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing echlech bidden dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun weiderzeleeden.

Verschiedde Lycéeën am Land, wéi de *Lënster Lycée* oder d'*Ecole privée Fieldgen*, bidden am Kader vu Pilot-Projeten d'Aféierung an d'englesch Sprooch schonn ab 7e un an de Koalitiounsaccord vun 2018 gesäit fir, dass en dës Pilotprojeten evaluéiert solle gi fir déi néideg Konklusiounen doraus ze zéien.

An dësem Kontext géing ech gär folgend Fro un den Här Minister fir Educatioun stellen:

- Wéi wäit ass de Ministère mat der Evaluatioun vun dem uewe genannte Pilotprojet?
- Wat sinn éischt Konklusiounen, déi aus dem Pilotprojet gezu kéinte ginn an eventuell op nationalem Plang generaliséiert kéinte ginn?

Här President, ech biddenlech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert a Co-Fraktionspresidentin



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 6052 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

Aktuell bitt ee Lycée am Land Englesch op der 7e un, et handelt sech dobäi ëm d'École Privée Fieldgen. Et gouf dozou bis elo nach keng Evaluatioun duerchgefouert.

Am Lënster Lycée gouf de Projet ugebueden an der Form vun engem Forder-/Förderfach (FOFA) mat enger Wochestonn op 7O (7e Classique) a 7ST (7e Générale). An deem Fach kruten d'Schülerinnen an d'Schüler entweder en Appui am Däitschen, Franséischen oder der Mathematik, oder en Engleschcours, deem op eng kommunikativ Approche opgebaut war. Et huet sech séier erginn, datt quasi just d'Schülerinnen a Schüler vu 7O (7C) deelgeholl hunn. Déi meescht Schülerinnen a Schüler mat enger Orientatioun op 7ST (7G) haten bei der Orientatioun eng Recommandatioun, un engem Cours d'appui deelzehuelen.

Dofir gouf bei der ganzer Schoulgemeinschaft (Schüler, Elteren, Enseignanten, psychosoziaalt Personnal) eng Ëmfro mam Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) zesummen duerchgefouert. Dobäi war eng vun de Conclusiounen, datt et e Wonsch vun der Majoritéit vun all Grupp wier, datt den Appui-System am Kontext vum FOFA géif zu Gonschte vun engem fräiwëllege System vum Cours d'appui géif wäichen. Dowéinst gouf de Cours zanter der Rentrée 2019/20 net méi ugebueden.

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH